# SOS-SIEKHCAK

## E lëschtegen Véier-akter vun a mat de Scouts St.Martin vun Duelem. ( Januar 1997)..

| | |
|---|---|
| 1: Kirk | Käpten vum Raumschëff Enterprise |
| 2 Apollo 3 | e klenge Roboter deen falsch programméiert ass |
| 3 Scotty | Chefftechniker vum Raumschëff Enterprise |
| 4 Spock | doudlogëschen Computerspezialist an éischten Offizéier vum Raumschëff Enterprise |
| 5 Mc Coy | den Medicus vum Raumschëff Enterprise |
| 6 2 Astronauten | vum Service «Call- a - Boullette» |
| 7 Oberflucki | Präsident vum Planéit Snickers |
| 8 Lt. Uhura | ranghéichste weiblëchen Offizéier vum Raumschëff Enterprise, eng ulkesch Nuddel |
| 9 Flarry Schweinfurz | Moderator vun der Wiel vum Mr Galaxy |
| 10 Här Paraschrotti | Member vum Jury |
| 11 Angelo | idem |
| 12 Mareike Amaretto | idem |
| 13 Mr Smartie | Kandidat vum Planéit Smarties |
| 14 Mr Pickel | Kandidat vum Cléarasil-Doubelstärt |
| 15 Mr Bombas-tic-Elastic | Kandidat vum Gummistär |
| 16 -17 Mr Twix | Kandidat vum Planéit Raider |
| 18 E.T.-1 | Kandidat vum Planéit Alpha-Centauri |
| 19 E.T-.2 | Archivist vum Raumschëff Enterprise |
| 20 Juncker | Staatsminister, décke Brëll a Kommiounskostüm |
| 21 Jakobs M-J | Familljeministesch, an Infirmièrstenue |
| 22 A Bodry | Arméiminister am Battledress mat Helm a Gewier |
| 23 Folter M. | Innenminister, mat Knätsch a Féiss op dem Dësch |
| 24 J.F Poos | Ausseminister groo Hoer, 2-3 Flachmänner an der Täsch |
| 25 J Goebbels | Bautenminister a bloer Aarbechterkombinaison mat Bauhelm un |
| 26 Polizist | steht Wuecht beim Regierungsrot |
| 27 Gëlle Fra | |
| 28 Beamten | Sekretär beim Regierungsrot |
| 29 Superjhemp | |
| 30 Queen Lisy | |
| 31 Scout Tim | |
| 32 Scout 2 | |
| 33 Scout 3 | |
| 34 Klenge Roboter | spillt mam Game-boy |
| 35 e Kameramann | |

### 1. Akt

*De Rideau geet op. De Kirk sëtzt an der Fotell, de Spock triwwelt um Computer, de Mc Coy steet op der Bühn a liest an enger Broschür vum roude Kraiz.. De Kirk drëckt de Knépchen vun der Sprechanlag*

*Kirk* Computerlogbuch vun der Enterprise, , Stärenzeit ( *kuckt sëch hëlëflous no der Auer ëm Déi hänkt un der Mauer a Form vun enger Rakéit . Op eemol geht eng Diirchen op, an e Powerranger kënnt 12mol eraus a piepst derbai) )* ... jé kurz ëm Mëtteg. Mir schreiwen den 30. Février 2345. Mir sinn de Moment 35743.5 Liichtjoër vun der Erd am Orionniewel ënnerwee . Eis't Ziel ass de Planéit Snickers. Eis Missioun ass d'Duerchféieren an d'Iwerwaachen vun der Wiel vum

Mister Galaxie 2345 déi dët Joer um Snickers stattfënnt. Duerfir treffen geschwënn d'Finalisten vun de Viirauscheedungen vun de verschiddene Planéiten op der Enterprise an.

Hien gaapst a reift sëch d'Aen.Mat Schwonk drëckt hien nach eng Kéier op de Kneppchen

*Kirk* Käpten un d'Kantinne, brëngt ,mir mol e Kaffi v. e g. , hei faalen engem jo d'Aen zou esou langweileg ass et op dësem Posten.

*Vun hannert der Bühn äntwert eng piepseg Stëmm:*

Ok Käpten de Kaffi kënnt gleich.

*Et kënnt e klenge Roboter erageflitz a brëngt e Becher mat Flëssegkeet.*

*Apollo 3* Hei Kirki, hei hues de eng Tass 95 Oktan blaifrai.

*Kirk* Deen do as schon erëm eng Kéier falsch programméiert. Scotty brëng emol en neien Microchip. Dem sei Gehiir ass erëm op Proffegréisst geschrumpft..

*De Roboter wackelt onbehollef ronderem, de Scotty kënnt eran a seet*

*Scotty* Jo Käpten, mais de läschten Microchip , daat heeschte den 3447. hu mir virun 46 Megaminussekonnen verbraucht.

*Kirk* Da schalt en einfach aus, well deen do mëscht mëch plutonësch nervös.

*Scotty* Da komm mei Jong, da brenge mër dëch emol an de Keller. Mir hun nach Garantie op Dir bis 30000 km. Wa mir erëm doheem sinn brengen ëch dëch nees an de Buttek zerëck du Fehlkonstruktioun. *Sie gi vun der Bühn. de Spock geet mat eraus.*

*Mc Coy* Käpten ëch man Iech op e gesondheetleche Probleem opmierksam. Eise Vitamin-C - Gehalt ass bedenklëch weit erofgangen. Mir missten onbedéngt Aeppel iessen.

*Kirk* Mc Coy du aale Medizinmann, wëlls de erëm deng Pei opbesseren an eis op Krankekeessrechnung veräppelen?

*Mc Coy* Nee Käpten et ass eescht, dobaussen amGang leien schons e puer Zänn déi d'Leit verluer hun wéinst Vitaminmangel. A kuckt nëmmen, dem Spock seng Ouren sinn och nëtt méih sou spatz wéi normal.

*Kirk* Ok Ok. Da so dem Scotty hie soll eng Këscht Aeppel an de Keller siche goen.

*Scotty* kënnt eran Käpten, ëch bedaueren. Eis Aeppel hun dee bestännegen Niwwel hei am Orionniwwel net verdroen a sinn alleguer gefault. Déi hun ëch schon op der läschter Rastplaatz bei d'Dreckskëscht gestallt.

*Et piepst en Telefon. De Kirk hëllt den Hörer bei sengem Sëtz a seet*

KIRK Kirk hei, ...... jo moien. Jo ok daat geht, da kommen mir alt 16233 Megaminussekonnen méih spéit. Äddi bis geschwënn. Hien leet op. Mir kënnen eis roueg Zeit loossen. Den Oberflucky vum Planéit Snickers huet den intergalaktësche mikroorganismësche Flitzer a sëtzt de ganzen Dag um ..... Troun. D'Mister Galaxi-Wahl fënnt e bësche méih spéit statt. Maja, Zait hätte mer elo nach genuch, da kënnte mer eis ëm den Äppelprobleem këmmeren.

*Mc Coy* Also ëch hätt eng Iddie. Komm mer ginn einfach bei den nächste Kerosinburger eppes iessen., do si jo baal sou vill Vitaminen dran wéi an engem Apel.

*Kirk* Ouh jo. Kommt mir fléien bei de Quick eis e puer intergalaktësch Gehierbouletten op d'Long zéien, Scotty maach emol de Winker eraus, mir béien oof bei den nächsten Drive, neen Fly -Inn.

*Scotty* Ok Chef

*Iwerdeems kënnt de Spock eran. Hien huet e spezielle Kostüm un ( evt, en ze klenge Kommiounskostüm).*

*Spock* Käpten ëch wollt Iech jhust froen op mei Frack hei esou gutt ass fir hannenno d'Mister-Galaxie-Wahl ?

*Mc Coy* Oh freck, streck en awer nach,well soss gess du nie zum Mister Galaxi gewielt.

*De Spock geet beleidegt nees of*

*Scotty* ech maachen de Schirm emol op. Mir kommen beim Kerosinburger un.

*Den ecran geht un an et geseit een aus dem Daischteren eng Quickliichtreklamm no kommen a méih deitlëch ginn. de Schirm geet aus.Et klappt un der Diir*

| | |
|---|---|
| *Kirk* | Entrez<br>*D'Dir geht op an et kommen 2 Astronauten eran mat Helm an enger rouder Këscht um Réck( drop steeht CALL a BOULETTE)) si kommen eran an huelen ëmständlech 2 Tuten aus hire Këschten* |
| *Astronauten* | |
| Kirk | Hei Kirk hei sinn déi bestallten Gehiirbouletten.<br>*Déi 2 Astronauten ginn erëm eraus.Et schellt nees den Telefon. De Kirk hiewt op* |
| *Kirk* | Ouh dat ass awer séier gang ...... Gudd schéck se erop. mir fänken da gleich un.leet nees op<br>Ech kréien elo grad vun eisem Parkdeck gemellt .dat den Oberflucki sëch erëm erkritt huet a mat der ganzer Delegatioun op der Enterprise ass. Mir kënnen also gleich mat der Wahl ufänken. *Rifft no hannen:*<br>Technik, brëngt d'Bänk fir de Jury. 2 *ET'en evt als Astronauten verkleed brengen eng Bänk eran a stellen se op Duerno verschwanne se no riets.Et klappt un der Dir lenks* |
| *Kirk* | Entrez D'Dir geht op an eran kommen 1 *Kameramann mat Kamera um Stänner deen sëch dirckt riets an den Eck verzitt a sëch dohi stellt a filmt,, den Oberflucki an de Moderator. an 3 Leit vun der Jury déi sëch dirket op d'Bänk sëtze ginn. Si ginn geféiert vum Leutenant Uhura. Den Oberflucki geet bei de Kirk a seet:* |
| *Oberflucki*<br>ganz wichteg | Käpten därf ech mëch viirstellen: ëch sinn den Oberflucki vum Planéit Snickers. Ech sin vum Generalsekrétär vun de Vereenegte Galaxien beoptragt d'Wahlen vum Mister Galaxie ze iwerwaachen. Dir wësst, dëss Wahlen sinn e wichtegen Evénement deen der Verstännegung vun de verschiddenen Zivilisatiounen dingt an deen hëlleft Rasissmus a Friemenhaas am Universum oofzebauen. |
| *Kirk* | Enchantéiert. Mein Numm ass Kirk. D'Enterprise steeht Iech zou Dingschte bei der wichteger Missioun. |
| *Oberflucki* | Schéin, schéin. Loosse mer direkt ufänken Därf ëch Iech eise Starmoderator viirféieren deen hei durch d'Sendung féiert, den Flarry Schweinfurz. |
| *Uhura* | De Schweiiiinnnnfuuuurz..... Immens Kréien Ëch en Autogramm??? |
| *Kirk* | Leutenant rappt Iech um Rimm. Mir sinn op Sendung. Musst dir dann är Kanneregkeet iwert de ganze Kosmos iwerdoe loossen ? |
| *Flarry* | Gudden moien dir Erd a Snickerslingen an all dir aaner déi iwer Sateliit mat eis verbonne sinn. Schéine gudden Owend och iech dir Damen an Hären déi dir doheem oder ënnerwee beim Fernsehn eis nokuckt. Ech si frouh sass dir bei der Wahl vum Mister Galaxie vum Joer 2345 derbei sidd. Därf ëch iech eis Jury viirstellen? Ganz riets den Här Paraschrotti aus bella Italia, an der Mëtt, den Angelo aus der Gelly-Family. Lënks hu mir dann d'Mareike Amaretto gutt bekannt aus der Minny-Winny Play-back-show.. A wat wär eng Show ouni Kandidaten. Hei sinn së. den éischten ass de Mr Smartie vum Planéit Smarties.<br>*kënnt eran dréit sëch. Alles applaudéiert. Hien stellt sëch an den Eck* |
| *Flarry* | Als 2. begréissen Ech de Mr Pickel vum Cléarasil -Doppelstär<br>*kënnt eran dréit sëch. Alles applaudéiert. Hien stellt sëch an den Eck* |
| *Flarry* | Eisen 3. Kandidat ass den Mr Bombastik.-Elastik vum Gummistär.<br>*kënnt eran dréit sëch. Alles applaudéiert. Hien stellt sëch an den Eck* |
| *Flarry* | de 4. ass de Mr Spock vun der Enterprise<br>*kënnt eran dréit sëch. Keen applaudéiert. Hien stellt sëch an den Eck* |
| *Flarry* | als 5te Kandidat stellen ech vir: De Mr Twix vum Planéi Raider<br>*kënnt eran dréit sëch. Alles applaudéiert. Hien stellt sëch an den Eck All Kandidaten droen um Bauch / Réck enZiedel mat hirer Startnummer 1-6.* |
| *Flarry* | an als lëschte Kandidat begréisse mir den E.T. vum Alpha-Centauri.<br>*kënnt eran dréit sëch. Alles applaudéiert. Hien geht bei Kirk weist op den Telefon a seet* |
| *E T* | ET wëll heem telefonéieren.*Hien weist mam liichtende Fanger no uewen a geeht sëch an d'Reih stellen.* |
| *Flarry* | Sou dir Damen an Dir Hären,léif Jury da kéinte mir elo ufänken.Als eischt soll de Jury d'Geleegenheet kréien fir de Kandidaten hir Topographie ze appréciéieren. Dir Herren |

Kandidaten , ëch bieden Iech elo hei virun dem Jury ze défiléieren an Iech vun ärer beschter Seit ze weisen.

*Alle 6 defiléieren se a stellen sëch virum Publikum a Pose.-*

*Flarry* Als nächst komme mir zum Wésentlëchen. Mir préifen d'Beweglechkeet vun eise Kandidaten. Ech ruffen eis Kandidaten op zum Makarena-danz

*d'Musek setzt an an eis Kandidaten beméien sëch , sou gutt wéi et geet matzedanzen. Duerno Applaus vu jidferengem op der Bühn.*

*Flarry* Dat war jo schons ganz iwerzeegend . Mais fir eisem Jury nach e léschten Indikativ ze ginn, wëlle mir elo nach d'gesanglëch Qualitéieten vun de 6 Kandidaten op t Prouf stellen.

*Déi 6 stellen sëch op a sangen zesummen eng Stroph vum Lidd : Ech sinn de schéine Poli, der Mama hire Jong. Altnees Applaus*

*Oberflucki* Dir Häre Kandidaten ,léif Leit un de Bildschirmer iwerall am Universum, mir kommen elo zum spannenden Héichpunkt vun der Wahl . Eise Jury proklaméiert elo seng Entschédung .Mes Dames Messieurs , faites vos jeux..

*Dorops hiewt all Jurysmember eng Tafel an d'Lucht mat enger Zuel drop.2mol erschéngt d'6 emol d'3.Alles applaudéiert.*

*Flarry* Immens, domat steht fest den Här E.T. ass de Mr Galaxie 2345. Här E.T ëch därf iech bieden bei eis ze kommen.

*Oberflucki* Käpten Kirk, wou hut dir d'Coupe vum Generalsekrétär vun de vereenegte Glaxien?

*Kirk* Ah jo, deem ale Granzbock seng Pottschamp hu mer jo och nach misste mattschléfen. Archiven bréngt dat gutt Stéck schnell hei hin

*Et kënnt vu lénks en klengen Ausserirdischen mat der Coupe a gëtt se dem Kirk . Doropp verschwënnt hien nees.Et setz lues a gedroen eng feierlëch Musek an.*

*Oberflucki* Ech Iwerreechen Iech heimat feierlëch déi grousse Coupe vum Generalsekrétär vun de vereenegte Glaxien. Dir sidd de Mister Galaxie 2345.

*ET* Merci ech si geréiert Bähähhhhh *hien fänkt un ze tuuten*

*Mc Coy* Ech hun hei nach en extrae Cadeau gestëft vun der associatioun vun de Raumschëffzänndokteren. Déi grouss Dr Best Schwingkopf am Gold mam rosa Bändchen.

*ET* Dat ass ganz gentil vun Iech. mais mir op Alpha Centauri hun all Gebësser. Eng Packung Kukident hätt ech léiwer gehat.

*Flarry* Heimat ass eis schéi Feier leider op en Enn komm. Et bleiwt mir nach Iech alleguer eng gutt Nuecht ze wënschen.

*Oberflucki* Ech invitéieren jidfereen deen hei ass , mat op de Snickers ze kommen. Do wärte mir emol nach e puer Fässer opmaachen. *Alles jeitz begeeschtert a steht op*

*Kirk* Ech soen iech villmols Merci am Numm vun der ganzer Equippe vun der Enterprise. Mais mir hun schons zevill Retard op eisen Zeitplang. Mir kënnen onméiglech elo och nach mat Iech feieren.

*Oberflucki* Das awer Schued Käpten Ech hat mëch grad un dem Spock seng spatz Oueren gewinnt. Nu je dann ass et alt fir eng aaner Kéier Aeddi dann. *Si ginn all eraus bis op d'Equippe vun der Enterprise an huelen d'Bänk mat eraus.*

*Nodeems d'Gäscht d'Raumschëff verlooss hun bleiwen nëmmen de Kirk, de Spock de Mc Coy an d'Leutenant Uhura ( hat stréckt un engem Aluniniumstrikot) op der Bühn.De Kirk sëtzt sëch gemittlech a seng Fotell, drëckt de Mikroskneppchen a rifft:*

*Kirk* Käpten un de Maschinneraum, Scotty da lee emol de 15te Gang an a gëff Gas fir heem. Ech fréen mëch schons op eis gudd aal Erd.

*Et peift eng Kéier kurz mat steigender Intensitéit*

*Vun Hannert de Kulissen héiert een de Scotti Ruffen:*

*Scotty* Ok Käpten mir fléien elo mat maximaler Vitesse , a Richtung Erd.

*Kirk* Scotty da mach eis emol d'Fënster op, da kucke mir eis dat emol un.

*Lues geht den Ecran op. Et geseit een eng Bewegung vu Stären op de Betruechter zou( Starfieldsimulation), +-1Minutt laang.*

*Kirk weist op* an Mc Coy, aale Pëllemetty, dat do deet engem dach richteg gutt sëch emol erëm d'Stären

*den Ecran* ëm d'Ouren bloosen ze loossen?

*Mc Coy* Ei jo, Käpten, ëm dëss Zeit ass soos och baal keen an dëser Galaxie ënnerwee, do kann een et roueg luppen loossen.

*Den Ecran geht neesaus, an all sëtzen se gelangweilt an hire Fotellen.*

*De Spock steht gelangweilt an der Géigend a bliedert iwerdeems an engem Buch,op eemol fängt sei Computer un ganz hektesch ze tuuten an ze bléncken. All kucken se sëch un. de Spock geeht bei de Computer, dréckt op e puer Knepp, d'Getuuts hällt op. De Spock kuckt op den Ecran vu sengem Rechner rëselt de Kapp a seet a Richtung vum Kirk:*

*Spock* Käpten, d'Energiereserven vun eisen Reakteren déi d'Enterprise undreiwen sinn bedenklech knapp.Wa mir op voller Vitesse weider fléien, da packen mir mol nëtt den halwe Wee bis heem.

*Kirk erschreckt:* Spock, aalt Schlitzouer, wat kënne mir dann do maachen?

*Spock* Lues fléien Käpten. Wa mir mat hëchstens 25 Prozent Leeschtung fléien, missten eis Réserven un SIEKHCAK-Moleküler fir d'Reakteren duergoen bis bei D'Erd.

*Kirk mat Schwonk* Käpten u Maschinneraum: Scotty, reduzéier eis Reesgeschwindegkeet op 25 Prozent Maximalleeschtung.

*Scotty kënnt eran* ok Käpten da kluunsche mer eben méih lues heem.

*MC Coy* Flott, dan hunn ech jo nach Zeit fir e puer Sue ze verdingen. Käpten schéckt mir emol d'Personal vun der Enterprise an d'Kontolle,mir machen emol en Färbetest fir ze kucken op déi Band sëch och ordentlech d'Zänn wäscht.

*Scotty of* *et peift nees awer an ëmgekéierter Weis vun Staark op méih lues..*

*Se sëtzen do an et geseit een, dat se neischt mat sech unzefänke wëssen. Op eemol könnt e klenge Roboter eran . Hien spillt mat engem Game-boy, deen vill piepst a quietscht. Et geseit een him oof datt hien décke Spaass huet. De Kirk , de Spock an de Mc Coy kucken jalous no.*

*Kirk:* Dat onziviliséiert Behuelen am Dëngscht do gefällt mir nëtt, Spock, Mc Coy , hélleft mir emol.

*Sie sprangen op kreesen de Roboter an deen piepst a jeitzt an huelen him de Game-boy oof. De Roboter verschwënnt mat Gejeiz vun der Bühn. Déi 3 stinn beieneen a spillen elo ganz agitéiert mam Game-boy. Op emol schléit de Computer nees Alarm.De Spock geet dohin schalt d'Getuuts aus a liest.*

*Spock* Käpten, mir sinn an d'Unzéihung vun engem riesege schwaarze Lach gerooden . Et zitt d'Enterprise mat ongeheierer Kraaft a sein Zentrum.

*Kirk erféiert* Spock , ma waat solle mer dann elo maachen.?. Mir kënnen dach nëtt zoulossen datt dee schwarzen Weltraumstaubsauger do eis einfach verschléckt? Solle mir net probéieren mat Vollgas dervun fortzefléien ?

*Spock* Ech ginn ze bedenken Käpten, datt eis Energiereserven et eis nett erlaaben esou eng Vollgasaktioun ze bedreiwen,wa mir nett eng panne sèche riskéiere wëllen.

*Kirk* Jo mais, waat solle mer da soss maachen ?

*Spock drëschen* eis Partie Game-boy färdeg spillen.

*Kirk* Waat, deen huet Nerven, wees Du dann neischt méih Gescheites? Soss wees dein Computer, dein elektrësche Liggepitti dach ëmmer e gudde Rot,. Schött emol eng Drepps Ueleg derbei, villeicht fällt em dann schnell eppes an.

*De Spock féngert ongeréiert u sengem Computer.*

*Spock* Käpten, menge Berechnungen no ass d'Enterprise ze schwéier fir bei der Unzéiungskraaft am Lach ze bleiwen. Wa mir nëtt géintstéieren gi mir mat esou enger Vitesse an d'Lach erangezunn, datt mir hannen gleich nees erausfléien.

*Kirk* Kann eis dann do soss neischt passéieren ?

*Spock* Do kann ech neischt soen. Dat huet nach keen matgemacht. Eist Schëff misst et aushaalen et kënnt awer e bëschen ongemittlech ginn.

| | |
|---|---|
| *Kirk* | Ok Spocky, da léen mir d'Oueren mol un . Käpten un d'Equippage vun der Enterprise: Mir wärten elo gleich duerch gréisser Turbulenzen kommen. Setzt Iech op aer Arbechtsplatzen stréckt Iech un an haalt op ze fëmmen. Wann et elo gleich e bëssen wackelt, da maacht Iech neischt draus, mir huelen eng Oofkiirzung durch e schwaarzt Lach. Scotty weis mir emol um Schirm waat sëch do virun eis zesummebraut.<br>*Den zentralen Ecran geht un an et geseit een eng rotéieerend Stäresammlung ( Gilles V sei Screensaver).* |
| *Kirk* | Oh Freck, daat do geseit nett gutt aus!<br>*Den Ecran geht aus, d'Lucht geht aus, Stroboscopeluuchten flackeren op, et kracht et quietscht, Bletzer zucken et dämpt et knuppt, d'Leit op der Bühn ginn op hire Still gerësellt. Dann gëtt alles lues erëm méi roueg.,* |
| *Kirk* | Scotty weéi geseit et aus. |
| *Scotty kënnt eran* | Käpten et schéngt wéi wann eis aal Fleeschbidden de Sturm do gutt iwerstaan hätt. Et sinn nömmen e puer kleng Boboen passéiert, eis Techniker schaffen schons drun. |
| *Kirk* | ok Mercy Scotty! Spock, waat seet dein élektrëschen Orakel? Liewe mir nach a wa jo wou si mir. |
| *Spock* | Käpten mir kruuten durch d'Unzéiung vum schwarze Lach esou eng formidabel Beschleunegung an déi richteg Richtung, esou zesoen e galaktesche Fous-an-den-Asch. Doduerch si mir praktesch doheem Eis Erd misst all Ablak virun eis optauchen |
| *Kirk verwonnert* | ouh. da mach emol de Fernseh un, dat do geseit de Papp awer gäre mat den eegene Guckelcher<br>*Den Ecran geht un, et geseit een e liichtende Punkt méih no kommen deen sëch zur Gestalt vun der Erd vergréissert. Den Ecran geht nees aus.* |
| *Kirk* | Donnerwierder. Dat do nennen ech Gléck. Elo si mer jo nach viru Feierowend doheem. Scotty, da park eise Schlitt emol op der richteger Orbitalparkplatz. Mach D'Standluuchten un datt keen an eis knuppt an vergiess net d'Handbrems ze zéihen. |
| *Uhura* | Merde an ëch wollt meng Stréck ennerwee dach färdeg machen fir doheem an d' Disco. Elo muss ech nees den ale Fummel undinn. |
| *Spock verwonnert* | Käpten, et ass gelungen, mais do ënnen schéngen se guer nëtt mat eis ze rechnen. |
| *Kirk* | Wéi da Spocki? |
| *Spock* | Ma ech wees nëtt. Ech kréien keng Aentwert op meng Funksignaler. Statt dessen tuten se mer al méiglech Signaler an d'Antenne, mat deenen ech neischt unzefänke wees. |
| *Kirk* | Oh Spocki , ëm Stand se hun hei heem nees eng nei Computernorm agefëiert, an dein alen Tacko kënnt do nëtt méih mat. |
| *Spock* | Negativ Käpten. Mein Computer huet elo de Schlëssel font vir déi Signalér ze enträtselen.Ech loossen se mol op de Schirm spillen |
| *Kirk* | Et gëtt awer och Zeit, dass deng Bëchs do eppes verstänneges seet, Soss loossen ech se wéint Befehlsverweigerung bei den Elektronikschrott verfrachten an an d'Superdreckskëscht brëngen.<br>*Um écran erschéngt Testbild vun der Duelemer Gemeng mat Radiosmusek, dann eng daitsch Reklamm dann eng franséisch dann eng englësch. dann geet den écran aus* |
| *Spock* | Faszinéierend |
| *Mc Coy* bei enger Medizinreklamm | Komesch dat dote Präparat kenne ech guer nëtt. |
| *Uhura* bei enger anerer Reclam | Cool, dat do ginn ëch mer kaafen. |
| *Kirk* | Spock, Scotty, kuckt Iech emol ëm op nëtt irgendwou hei eng verstoppte Kamera ass. ech well nett mein dommt Gesiicht d'nächst Woch op der Telé musse kucken.<br>*d'Uhura kuckt sëch ëm hëlt e Kamp aus der Täsch a mëscht sëch schéin.* |
| *Spock* | Käpten et ass mer jo peinlëch mais mir hun e klenge Problem. |
| *Kirk* | Wann's Du lo nëtt gleich mat der Sprooch erauskënns, dann huelen ech e Blaistëftspëtzer |

an ëch spëtzen dir deng Ouren sou reng, dass du dir den Hut oppicke kanns.

*Mc Coy* Emmer mat der Rouh Käpten, Esou schlëmm ass et nëtt. Mir sinn jo mol beim richtege Planéit gelandt, Dat do ass eis gutt aal Erd.

*Kirk* Dat geseit jo e Blannen mat Sonnebrëll, duerfir brauch ech dem Spock seng Mikrowelle do nëtt ze beméihen.

*Spock* Déi komesch a verréckte Signaler, déi , mir elo grad hei gesinn hun loossen nëmmen e Schloss zou.

*Kirk* Du mëchs et awer spannend. Soll ëch nach en Tousch bestellen oder sees de mir elo endlëch fir waat déi do ënnen eis nëtt mam rouden Teppësch a mat de Wiener Sängerknaben begréisse kommen?

*Spock* Käpten dat schwartz Lach muss eng Aart Zeitfaal sinn, duerch déi een an der Zeit reese kann. Mir sinn duerch de klengen Trick ganz einfach 348 Joer an d'Vergangenheet gerëtscht.

*Scotty* Oh freck.... soll dat heeschen?

*Spock* Jo Scotty, do ënnen op der Aerd ass et elo Freideg den 1/ 2te März 1997.

*Kirk* Haal e mëch un. 1997. Da kënne mer elo eisen eegenen Ur-Ur-Ur-grouselteren d'Pämperse wiessele goen.

*Spock* Ëmmerhin si mir elo 203 Joer méi jonk. Dann hun ëch jo nach mindestens 310 Joer Zeit éier ëch op d'Welt kommen. Faszinéierend

*Mc Coy* Spock aalen Hummer, da musse mir jo nach 370 Joer méih laang op d'Pensioun waarden. Wees de ëch hun eigentlech guer keng Loscht bei deene Gruftien vun 1997 ze bleiwen.

*Spock* Dat brauche mir och nëtt. Opschons d'Pensiounen vun eis Staatsbeamten anno 1997 nach bestëmmt besser waren wéi 203 Joer méih spéit.

*Kirk* Wat kënne mir da maachen fir aus dësem Schlamassel nees erauszekommen?

*Spock* Wa meng Mikrowelle , wéi dir dat nennt, Rescht huet, da brauche mir nëmmen mat voller Vitesse vun hannen an dat schwarzt Lach nees eranzefléien a vir eraus, da sinn mir erëm an dem Zeitalter wou mir hingehéieren.

*Scotty* Ma herrlëch! A wéi solle mer dat da maachen ? De ganze Wee heihinn hudd dir eis d'Ouere vollgetrootert dat mir wéinst der Flaute an eisem Tank nëmmen nach ganz lues därfe fléien an elo solle mir dann eng Sprëtztour mat Vollgas durch de schwarzen Ziipi do maachen? Spocki deng Wäschmaschinn do tickt nëtt méih ganz richteg.

*Spock* Wa mir fir eis Reakteren eng 250kg SIEKHCAK -Charge kriiten, da wär dat kee Probleem.

*Kirk* Ma sëcher, a wou huele mir dann déi Kléngegkeet vun nëmmen 250 kg hier? Hues du déi an der Boxentäsch?

*Spock* Neen Käpten, mais op der Erd muss et dach natiirlech SIEKHCAK -Viirkommen ginn. Ech wees zwaar nëtt, op d'Leit vun 1997 dat schons kannt hun.

*Kirk* Oh Spock, ech verzweifelen nach mat dir. Du wärts dach awer elo nëtt erwaarden datt mir mat Schëppen a Spueten elo do ënnen am Sand spille ginn fir deen Happy-Happy fir eis Motoren ze sichen ? A wou fänke mir dann do un ?

*Spock* Ech sinn am Gang d'Erd mat engem speziale Sensor oofzetaaschten. D'SIEKHCAK-Moleküler senden eng ganz speziell Strahlung aus, an domat verroden se sëch.

*Mc Coy* E Glëck, da brauche mir elo nëtt Blinde Kuh mat deem Ziepkack oder wéi dat heescht ze spillen..

*Spock* Käpten mein Detektor huet do ënnen eng Régioun entdeckt vun der eng grouss SIEKHCAK -Strahlung ausgeht. Do muss déi Substanz a groussem Moos ze fanne sinn. Ech zentréieren de Schirm emol op déi Géigend um Erdbudem .

*Kirk* Da looss emol kommen, ech si gespaant a wéi engem komeschen Eck vun der Welt dat da soll sinn.

*den écran geht un a weist verschwommen , dann méih deitlëch d'Satelittebild vu Lëtzebuerg evt Dias , écran aus.*

| | |
|---|---|
| *Scotty* | dat do ass awer eng drolesch Form, et mengt een et hät d'Form vun engem Schong. |
| *Kirk* | Du hues e Gesicht e wéi e Schong. Spock aplatz dem Scotty sengem Getotz hei nozelauschteren so eis léiwer wat da dot fir eng Géigend ass. |
| *Spock* | Käpten et  ass eng Géigend  a Mëttel- Europa. Mei Computer seet do wär fréier e Land gewiecht dat se Lëtzebuerg genannt hun. |
| *Mc Coy* | Ja a weider ? |
| *Spock* | Neischt weider. Op esou antik Froen ass meng Maschinn nëtt agestallt. Do kënnen nëmmen nach aal Bicher virun hëllefen. |
| *Scotty* | da's ke Probleem. Mir hun jo an den Archiven vun der Enterprise eng aal Biblioteik. Do as och en Atlas derbei deen mindestens 200 Joer al ass, ëch hat deen d'sLescht nach als Lecture |
| *Mc Coy* | jo fir de Playboy dran ze verstoppen wann en laanscht kënnt. |
| *Kirk an den Handy* | Käpten un d'Archiven. Mir brauchen drëngend den alen Atlas mat de Länner vun Europa dran. |
| *Scotty* | Geséis Pëllemetty, häts du an der Geschicht besser opgepasst, da braichte mir net elo hei an esou alen Schwaarde ze wullen. |
| *Mc Coy* | An du dann, du hues jo och neischt geléiert soss breichst du hei nëtt mam Léitkollef hannert all futtissem Roboter ze laafen. |
| | *Iwerdeems kënnt en ET mat dem Buch eran. E geht hannertsëch a schwetzt och esou.* |
| *ET* | ..saah toorfeg ed sad hcub'd ssa ieh ikriK neioM |
| *Kirk* | Merci, mais waat huet deen do dann ? |
| *Scotty,* | dat ass eisen neien Archivist. E kënnt vum Planéit Behind-Before. Do leeft alles vun hannen no viir an esou schwetzen se och. |
| *Spock* | Tip top, dat do hun ech nach nëtt erliewt. Klengen , so dei Sprëchekchen nach eng Kéier op.? |
| *ET* | saah toorfeg ed sad hcub'd ssa ieh ikriK neioM |
| | *De Spock hëlt et mat engem Tounband oder Computer op an inverséiert d'Laafrichtung vum Band, d'richteg Noorícht misst héierbar ginn. ( evt, vum Band)* |
| *Spock* | Faszinéierend. |
| | *De Kirk bliedert am Atlas a liest vir* |
| *Kirk* | Lëtzebuerg dat am Joër 1839 onofhängeg gin ass huet eng Superficie vun 2586 quadratkilometer. Politësch ass et organiséiert als représentativ Demokratie ënnert der Form vun enger Konstitutioneller Monarchie.Un der Spëtzt vu sengem Staatswiesen steet de Grand-Duc. ....... |
| *Uhura* keck | Wow, e Grand-Duc, esou een mat Kroun a Schlass ? Oh wéi cool, .......ass deen Typchen bestued? |
| *Scotty* | Hei eis't kléngt. Mengs de deen hätt nach grad op esou en Dickelchen gewaart daat an 203 Joer den éischte Krésch soll doën? |
| *Kirk* | Halt dach emol op mat deem Gebraddels, et versteht een seng eegen Gedanken nët mat Iech.  Ah, hei gëtt et interessant , Lëtzebuerg ass duerch seng reich Eisenmineralien zou Wuelstand komm,. bla bla bla, Holz, ... Landwirtschaft,         Bankenzentrum Tourismus  .......... neen , vun enger SIEKHCAK-Industrie steht hei neischt. |
| *Mc Coy* | Da wärten déi Neandertaler, déi 1997 do ënnen gehaust hun  dat nach nët erfonnt hun. |
| Spock | Et ass jo awer SIEKHCAK do ënnen a grousse Quantitéiten ze fannen, soss giffen meng Sensoren neischt esou mellen. |
| *Mc Coy* | Da loss deng Piepsapparatur do mol méi genau sichen. Wanns de d'Platz genau fonnt hues, |
| *Scotty* | da beamen mir e puer Leit mat Eemeren an Tuuten dohin , schnappen eis eng etlech Säck dees Geschier a färdeg ass de Lack. |
| *Kirk* | Lues Jonge lues. Mir kënnen nët riskéieren dat eis Leit do ënnen beim illegale Biergbau erwëscht ginn. Ech wëll kee Konflikt mat der Lëtzebuerger Arméi riskéieren. Hei steht déi |

wieren an der Nato. Nett datt et wéinst eis nach zou engem 3. Weltkrich kënnt.

*Spock* Genee Käpten. Da misste jo all eis Geschichtsbicher nei geschriwwe ginn. Neen, mir missten villméih kucken mat de lëtzebuerger Autoritéiten zesummen ze kommen an d'Permissioun froën fir a Rouh SIEKHCAK oofzebauen.

*Uhura* Oh jo Käpten, looss mëch emol bei dee Grand-Duc. Wann ëch deem e besche léif schwätzen , da wärt deen eis schon e puer Köschten dees SCHIEFLACK do ginn.

*Scotty* Papperlapapp, Fraleitsgetootz. Dat do ass eppes daat muss ënner Männer geschwaat gin.

*Kirk* liest nach ëmmer De Scotty huet Recht. Hei ass eng Opstëllung vun der lëtzebuerger Regierung déi 1997 un der Muecht war. Do war e gewëssen Juncker de Käpten op deem Schëff. Dat wär dach gelaacht, wann ëch mat deem nët géif eens ginn. An hei , dat do trëfft sëch jo gutt, hei steet d'lëtzebuerger Regierung hätt sëch all Freides zum Regierungsrot an de Staatsministère zeréckgezunn. Do hätte mir d'ganz Band jo beienén.

*Spock* De Staatsministère, dat hun ëch dach viirentst am Computer gesinn, do ass haut, pardon an 203 Joer,e Musee iwert Zeitgenëssesch Konscht ageriicht. Do hunn ëch och de genaue Plang derbei wou dat an der Haptstaat vu Letzebuerg ze fannen ass.

*Scotty* Typ Top , dann hun ëch jo keng Problémer fir eis op déi richteg Platz ze beamen.

*Kirk* Ok Spock , Mc Coy an Leuteneant Uhura, maacht Iech prätt fir e Landgang bei d'Lëtzebuerger Regierung. Scotty, du iwerhëls hei de Kommando.

*Uhura* Käpten, därf ëch mëch virdrun nach e beschen an d'Reih maachen? Ech kann dach onméiglech engem Minister , a souguer engem Staatsminister mat dëser banaler Frisur begéinen.

*Spock* Dir kënnt Iech jo en Helm opdoën, da geseit keen d'Frisur.

*Kirk* Nen, neen, mir därfe keng Zeit verléieren, alles an den Transporter, mir starten elo direkt.

*de Spock hëllt nach eng Posch mat. Da stellen se sëch alleguer an den Transporter. De Kirk Rifft:*

*Kirk* Energie. *Da gëtt et deischter, Damp verdeckt d'Leit déi no hannen verschwannen. De Rideau geet zou.*

## *2ten Akt*

*De Rido geet op. Et geseit een de Regierungsroot (6 Mann héich ) ronderëm en laangen Dësch sëtzen. All schaffen se eppes, se schreiwen,, se telephonéieren , se huelen e Patt, se feile sëch d'Neel an d'Zéiwenneel...Bei der Diir do steet e Polizist an Uniform ganz stramm. Duech eng Fënschter ( gemolt) geseit een d'Statue vun der Heeschefraa dobaussen stoen. Et laut eng Kiircheklack evt, Klackespill vun der Kathedral*

Juncker *Nonnditschëft, ëmmer dat houere Gerabbels vun der Kathedral. Et ass fir mëll ze ginn, a logleich wärt dann och nach de protestantësche Géigeschlag kommen.*

*Et kléngt eng weider Klack*

Juncker Do héier der et. Esou geet dat hei de ganzen Dag . Fir t'éischt bimmelt déi eng, da rabbelt déi aaner. An da laut déi hei, an da schellt déi do hannen. Et ass fir niewt de Kapp ze kommen.Wann se alt wéinstens nach zesummen laude géingen ! Mais mol doran gin d'Protestanten an d'Katholiken sëch nett eens.

Folter Michi Ma Jean-Claude, waat reegs Du dëch dann esou op. Komm mir maachen e klenge règlement grand-ducal datt d'Klacken hei an der Staat nëmmen nach owens no 6 Auer därfe lauden. Dann ass sowéisou kee Lëtzebuerger méi an der Staat, an d'Touristen stéieren sëch nëtt um Gebimmels.

Juncker Michi, huel d'Féiss vum Dësch a ried nëtt esou e Kéis. Waat mengs Du dann waat den Abbé vum Lëtzebuerger Wort géing iwert mëch an d'Zeitung setze loossen wa mir eis un de Klaccken vun der Kathedral géinge vergreifen. Neen komm loosse mer léiwer mat eisem Regierungsrott ufänken. Waat mer éischter ufänken, waat mer éischter an de Weekend kënne fueren.

Poos Gudd Iddie Jean-Claude Prost *( hëllt e Schotz)*

Juncker *ganz wichteg liest viir* Je déclare ouvert la séance. Sont absent et excusé: les honorables dames Delvaux et Hennico et les honorables Messieurs Boden , Fischbach ,Lahure et Wohlfart. Freck a wou dreiwen déi sëch dann alleguer erëm ?

Jakobs Ma Jean-Claude wees Du daat dann nick méih? Déi hass Du dasch op Bréissel geschéckt., well se ëmmer esou vill Fehler an hire fransiische Rappore schreiwen. Déi kreien do vum Santech Jacques Nohëllef a fransiischer Grammaire.

Juncker Ah jo, daat war mir ganz entfall. Nuje wat mir zou manner Leit hei sinn, waat et och manner Gestreids gëtt. Waat hu mir dann esou um Ordre du jour ?
*kuckt a sengen Notizen*

Juncker Ah hei. Als éischt kéinte mir de Bensinn an de Mazoutspreis emol nees héigen.

Goebbels Vu mir aus. Mein Tank doheem ass gutt voll, a fir ze fueren huelen ëch souwéisou nëmmen den Déngschtauto.

Bodry Maja, a mat deene Suen déi mir do méih hun , kréien ëch mol nees e Camion voll Flënte kaaft. Eis Zaldoten kréien der dauernd vun den Touristen beim Palais geklaut. Hei mir hun schon nëmmen méih sou wéineg Flënten, datt mer t'lescht eng Garde mat Pfeil a Bou bei de Palais gestallt hun.

Juncker Also ofgemaacht. Ech schreiwen dann op datt se den Owend am Radio direkt mellen kënnen, dat vu n gëschter un den Besinn an de Mazout ëm een, nee , hopp ëm 2 Frang méih deier gëtt. Sou, dat hätte mer. Als nächste Punkt um Ordre du jour steeht hei eng ganz wichteg Saach an där mir onbedéngt haut eng Décisioun musse fannen. Dir wësst jo datt d'Staat New York bankrott ass. Maja a fir nees zou Geld ze kommen hun se eng international Ausschreiwung gemaacht fir d'Fraiheetsstatue deem ze verkaafen , deen am meeschten dervir bezillt. Eise Kolleg de Jacques *( weist op de Poos)*

Poos Prost Jean-Claude, Prost alleguer *( an hëlt eng Schlupp aus der Fläsch)*

Juncker Maja , de Jacques also, deen huet seng Relatioune spille gelooss fir dat mir d'Fraiheetsstatue fir Lëtzebuerg gesteet hun. Se gëtt grad démontéiert a soll déi nächst Woch vun der Cargolux op Lëtzebuerg bruecht ginn. Mais mir wësse jo nach guer nëtt richteg, wuer mir dat gutt Stéck solle stellen. Daat misste mir elo mol nach a Rouh klären ier mir mat där gudder Nooricht un d'Press ginn.

Poos Ah ech sinn dervir , als Ausseminister , datt d'Fraiheetsstatue misst op Stengefort gestallt.gin. Mat enger staarker Luucht am Grapp géif sie dann de belschen Touristen an de Frontalié'ren schons vu weitem , an och Nuets de Wee fir heem weisen. Dann hätte mir de Problem vun de Belschen Touristen déi nëtt méih heem fannen geléist. Prost

Bodry Dat do ass jo Kabes. Ech fuerderen energesch, dat d'Fraiheeetsstatue op Dikkrech op den Härebierg gestallt gëtt. Eischtens hätte mir dann d'Kaseren och Nuets vu méi héich beliicht, an 2tens kéinte mir eng Antenne dropbauen fir den Natofunk besser matzkréien.

Jakobs Dat do geet jo nick. Als Familljeministesch stellen ëch mat Bedauere fest dat mir Lëtzebuerger nick genou Kanner kreien.. Ech schloen dofir viir d'Fraiheetsstatue op Stroossen bei d'Maternité ze stellen. Da fënnt de Klapperstorch besser d'Plattz wou 'en déi kleng Pupelcher soll hebréngen.

Goebbels Vergiesst dat kanneregt Geschwätz do. Mir hun décidéiert, deen deiere Peimusee ze bauen, mais fir Geliits derbei si keng Suen méi do. Do kréien ëch als Bauteminister hanneno nees vun den Zeitungen d'Lach an de Kapp. Duerfir muss d'Fraiheetsstatue op d'Dreieechele kommen als kulturellen Beleuchtungsmast.

Foltermischi A wien interesséiert sëch da schons fir dei Musee? Als Innenminister as mir d'Waasserversuergung vum Land vill méih wichteg. Ech fannen also dat d'Fraiheetsstatue misst an de Stausee gestallt ginn mat engem Arm als Schwimmer viir de Waasserspiggel vum Stausee ze moossen. Wann de Spiggel ze vill fällt geht d'Faakel un ,déi d'Statue an der aanerer Hand dréit. Da geseit een och Nuets direkt wa mer d'Waasser mussen rationéieren.

Juncker Jongen dat do ass alles kaale Kaffi. Wësst der waat mir mat deem Déngelchen do maachen ? Mir bauen et zou Schengen am Drailännereck um Bierg op. An a Plaatz vun der topescher Fakel gi mir deem aale Meedchen eng Fläsch Wain vun der Vinmoselle an de Grapp. Déi weist sie dann an Daitschland an a Frankreich . Also ëch ka mir keng besser

Reklamm fir eise Waibau viirstellen. An da misst eise Kolleg Boden, deen soss wéinst de Wënzer ëmmer esou jomert och endlech roueg ginn.. Ech notéiren also ......site Schengen, adopté de commun accord

*alles grommelt onzefridden. Vun der Sait kommen aus dem Donst an engem daischteren Eck, eis 4 Enterpriser eran.*

Juncker — Roueg op de bëllege Plaatzen, oder ëch loossen de Sall raumen.
Als nächste Punkt um Ordre du jour steet d'Propositioun vun eisem Kolleg Goebbels fir eng Lëtzebuerger Mauer nom Viirbild vun der bekanntener Chinesëscher Mauer ronderem eis Grenzen ze bauen. Da bleiwt et am Ländchen e beschen méih waarm a baussen d'Flächen kéinte mer eisen Noppere verlounen vir Reklamen drop ze peschen. Waat haalt dir vun der Iddie?

*De Kirk a seng Leit trieden un den Dësch vun der lëtzebuerger Regierung erun:*

Kirk — Excellenz, Här Staatsminister, ech bieden Iech ëm Ëntschëllegung dat mir hei einfach esou an är wichteg Gespréicher eraplatzen,

Jucker — Oh, a wou kommen déi do dann hir.? Dat do ass dach bestëmmt nees irgend een Reklammtrick vum Auchan a Konsorten .

Kirk — Mein Numm ass Kirk . Ech sinn de Kapitän vum Raumschëff Enterprise.

Bodry — Ha , dat kennen ëch , déi kommen Samsdegs mëttes ëmmer um Sat1.

Poos — Sat 1 genau, Prost.

Jakobs — Ech kennen déi ewer nik. Do uewen kreie mir de Sat 1 nik.

Juncker — Elo halt awer mol alleguer d'Gladder . Wann hei een mat deene Fernsehfritzen do schwätzt da sinn ëch dat, ass dat kloer ?

*Allgemengt Gegrommels*

Kirk — Här Staatsminister , mir sinn an enger dommer Situatioun. Mir kommen aus der Zukunft aus dem Joer 2345 . Eng Zeitfaal huet eis an är Zeit verschloen. Kënnt dir dat begreifen?

Juncker getouft — Waat fällt Iech an ? E Staatsminister begreift alles, wees alles a versteht alles. Ausserdeem kennen Ech där Tricken genuch vum Fernsehn. Eng Zeitfaal , esou een aalen Hutt. Soot äre Kollegen vun RTL wann se Jean-Claude Juncker wëllen an den Abrëll schécken mussen se méi fréi opstoen. An elo kënnt Dir är verstoppte Kamera ausschalten.

Spock — Käpten, deen do gleewt Iech nëtt. Deen mengt mir wäre jhust e Witz vun enger Televisiounschaine.

Kirk — Ma ëch gesinn. Da musse mir deem mol eng Lesson gin déi him op d'Spréng hëllëft. *( hien hëlt sein Händy)* Scotty du geseis jo déi gëllen Figur déi do an der Géigend vun der Kathedral steet, beam eis déi emol schnell heihin. Här Staatsminister da maacht emol är Guckelcher op!

*Et dämpt am Eck an eran trëtt d'gëlle Fra mam Reef.*

Juncker — A waat der Deiwel ass dat do ?

Kirk — Déi hu mir heihin gebeamt fir Iech ze iwerzeegen, datt mir echt sinn.

*Et kënnt e ganz opgereegten Beamten eran deen mellt:*

Beamten — Här Staatsminister, waat ass dat do, ech kréien een Telephon noom aaneren wou d'Leit sëch iergeren datt d'Gëlle Fra verschwonn ass , waat soll ups.

*hien erbleckst d'Figur.*

Juncker — Keng Panik , déi ass hei, huelt se mat eraus an de Gang, mir wärte schons derfir suergen, datt dat nees an d'Reih kënnt. *De Beamten an de Polizist droen d'Figur eraus.*

Goebbels — Oh neen, elo kann ëch nees kucken dat dat gutt Stéck op seng richteg Plaatz kënnt.

Kirk — Här Staatsminister, mengt Dir ëmmer nach mir wären nëmmen e Gag ?

Juncker *Verdaddert* — Neen, ..maja, elo dach, ..ech mengen natiirlech neen. Dir sidd echt. ,Dat hun ëch dach direkt gesinn. Sou eppes geseit een dach. Käpten, waat féiert Iech dann speziell hei bei eis ?

Mc Coy — Endlëch kann e mol verstänneg mat deem schwätzen.

Kirk — Ma dat ass schnell erklärt. Mir hun esou zesoen kee Bensinn méih fir eist Raumschëff. An

duerfir si mir bei Iech komm fir Iech ze bieden eis mat ongeféier 250 Kg SIEKHCAK auszehëllefen.

Juncker Zick-Zack ? A waat ass dat dann. Sollen se sou eppes am Cactus hun? Ech loossen emol nofroen.

Kirk Neen, neen , dir braucht Iech keng Oemstänn ze maachen. Mir besuergen eis déi Substanz selwer. Vun Iech wëlle mir nëmmen d'Versëcherung, dat mir vun Arméi a Police onbehellegt bleiwen wann mir dobei entdeckt géinge ginn. Stellt eis en offiziellen Laisser-Passer aus, dann ass eis gehollef.

Juncker Wann et weider neischt ass.

Jakobs So Jean-Claude, a watt kreien mir dann amplatz fir dat sie hiren Gipssakk derfen huellen ?

Poos Maja, wou bleiwen eis national Interessen , ? Prost.

Juncker Richteg. Loosse mer demokratësch viirgoen. Waat kéinten eis d'Kollegen vun der Enterprise als Géigeleeschtung erbréngen?

Kirk Do kéint een driwer schwätzen.

Bodry Ma daat ass jo awer ganz evident, d'Enterprise muss an Zukunft ënnert Lëtzebuerger Fändel fléien wéi d'AWACS-Fliegeren vun der Nato.

Foltermischi Hopp hopp, hopp. Fir eis national Economie ass et vill méih wichteg datt d'Enterprise an Zukunft an de Luxairs-faarwen ugestrach a mengentwéint op den Numm Aigle de Dalheim ëmgedeeft gett. Datt brengt Geld an d'Land.

Poos Ah jo, an de Ravitaillement vun der Enterprise därf nëmmen nach vun der Luxlait, der Vinmoselle oder aus dem Cactus kommen. Prost

Kirk Mais daat geet jo nëtt , mir ....

Jakobs An iwerhaapt , déilo kreien dasch en décke Pakk Tourismusbrochuren iwert Lëtzebuerg matt, déi solle se am ganze Weltall verdeelen, da kommen o mol anner Touristen wéi Belge an Hollänner., dass dasch wouer.

Goebbels An da kommen mol ordentlëch Good-Years Pneu'en op de Flieger elo, wien wees mat waat fir engem bëllegen Exportartikel déi ausgerëscht sinn.

Kirk Mais.....

Juncker Ah maja, dir misst emol fir t'éischt op Sandweiler an de contrôle technique mat ärem Raumschëff. Ëm Stand et entsprëcht mol nëtt de Viirschrëften vum Code de la route!

Foltermischi An de musse sëch och verpflichten, de Sociokuturelle Radio op hirem Schëff do ze lauschteren. Dann huet den 100,7 wéinstens e puer Nolauschterer.

Kirk *rosen* Ma Donnerwierder nach emol. Sidd dir dann hei vun Kollektivverblödung befall. Iwerleet dach emol. Mir brauchen jhust är Protectioun fir e bëssen SIEKHCAK kënnen opzehuelen. Duerno kucke mir datt mir gangs nees an eis Zeit kommen. All déi Toopeschkeeten déi dir eis elo grad hei opgekraacht hutt kënne mir jo guer nëtt erfëllen, a mir wëllen och nëtt.

Bodry So Jean-Claude , a wéi schwetzt deen do da mat eis. Dat do si mir déi richteg. Heihinner kommen, alles viir neischt wëllen awer nëmmen nëtt schaffen. Typesch Ausländer.

Juncker Alex du hues Rescht. Dat do si mir nëtt néideg. Dir Herrschaften et huet mëch gefreet, mais ëch muss Iech elo bieden d'Blaat ze botzen.

Kirk Mais da sidd dach nëtt direkt ageschnappt.

Uhura Ma Här excellente Minister vum Staat, ech mengen Excellenz, Här Staatsminister, dir kënnt eis dach nët einfach esou erausgeheien?

Foltermischi Hei elei, déi Schécks do ka jo esouguer richteg schwätzen. ech hat gemengt, dat hätten se nëmmen zur Dekoratioun matbruecht.

Juncker Mischi, esou schwätzt een nëtt mat enger Damm. Huel emol de Knetsch aus dem Mond. Awer pesch'en nëtt nees einfach ënnert den Dësch.

Spock Här Staatsminister sidd dach verstänneg. Mir brauchen dee SIEKHCAK onbedéngt fir nees heem ze kommen.

Juncker Ma dir kritt jo dees Zwieback do esou vill wéi der wëllt. Dir braucht nëmmen déi bescheiden Géigeléschtungen ze erbréngen vun deene mir geschwaat hun. An elo maacht virun mat Aerer Décisioun. Mir hun vir halwer 12 den Apéritif déi Seit beim Toni Tintinger bestallt. An ech kommen nëtt gär ze spéit op en Aarbëchtsiessen.

Kirk Ech widerhuelen nach eng Kéier, dass et eis nëtt méiglech ass fir....

Juncker Haal hei keng Regierungserklärung, datt ass mein Job. Wanns du nëtt wëlls , dann hu mir eis weider neischt méih ze soen. Här agent, setzt dës Herrschaften un d'Loft.

*De Polizist zitt sei Revolver a féiert se eraus.*

Polizist Da kommt dir Fuesbooken. Mir trëppelen elo mol bis virun d'Dir. Mai Chef ass nett méi frouh iech bei sech ze hun.

Bodry Junge , Junge deenen hu mir et awer gesoot.

Juncker Allez hopp virun Mir hu mat deene Gecken do genuch Zeit verluer. Wou ware mir stoe bliwwen ? Ah jo bei der lëtzebuerger Mauer. Ech proposéieren e Staatsbesuch a China ze ,maachen. Da kënne mir eis déi Meierchen vun no bekucken éih mir eppes Falsches bauen . Wien fiert mat?

*Alles stréckt aus. De Rido geet zou*

## *3ten Akt*

*Rido op. Mir gesinn eng Szene aus der freier Natur, Landschaft, Bësch, Hecken. Eis 4 Enterpriser stinn beieneen am Hallefkrees.*

Kirk Waat waren dat do mir emol arem Geeschter. A sou eppes régéiert e Land

Uhura Waat ass dann , esou iwwel waren se dach guer nëtt, besonnesch de Juncker do dé kéint mir scho gefallen.

Mc Coy An dann déi Totz am Infirmières-outfit. Ech kreien elo nach d'Schudderen wann ech un se denken.

Spock Loose mer nëtt ze streng mat hinne sinn Et ass jo awer och eng verréckte Saach wéi mir do bei hinnen era spazéiert sinn. Wou soll een normale Mënsch dann do nëtt den Iwerbléck verléieren.?

*Hien sicht mat sengem Tricorder d'Géigend of a Richtung vum aaneren Eck vun der Bühn piepst et am meeschten.*

Kirk Mais elo si mer esou gescheit ewéi vidrun. Waat maache mir dann elo ?

Uhura *weist houferech e Geldschein op deem de Grand-duc ze gesinn ass:* Kuckt nëmmen waat fir een apartene Maanskärel ass de Grand-Duc. Komm mir trëppelen awer mol bei deen a seng Haipchen. Bei enger Taas Téi an e puer Salzkichelercher wärt ëch deem bestëmmt de Fall erklärt kréien.. Wann dir Männer hei bei der Regierung mat ärem Gebraddels néischt erréécht hutt, da musse mir elo kämpfen, an zwar mat de Waffen vun der Fra.

Mc Coy Ech mengen ech verpassen dir emol en Zäppchen.Ech mengen Du hues Féiwer.

Kirk Dir sidd eng immens Hëllef. Aplatz Léisungen ze fannen wéi mir aus deem Schlamassel hei erauskommen hut dir soss néischt ze dinn wéi Iech hei wéinst Dommheeten ze streiden. Gebraucht mol äre Kapp oder haalt de Mond.

Spock Käpten, mengem Tricorder no si mir ganz no bei engem SIEKHCAK- Viirkommen. Et ass hëchstens 10 Meter vun eis ewech.

*et raschelt am Bësch*

Mc Coy Do kommen der aus der Richtung.

Kirk Schnell, verstoppe mir eis hannert dëser Heck.

*Sie ginn an Deckung hannert engem Gebüsch. Vu lénks kommen 3 Scouten an Uniform mat Rucksaak a Fändel getréppelt. Sie sangen*

Scouten A sou baal et Mëtteg laut gëtt en Dikkelche geklaut well en eidle Mo ass eng ureg Plo an a voller Eenegkeet ginn dann Plättele gefeet, well do si mir all déck do.................

Tim Genuch mat deem Geséngs. Wëst der waat, elo gett hei emol eng gutt Paus gemacht. Mir hun eis jo dach verlaaf op eisem Hike. Waat solle mir eis da lo nach e Been ausreissen. D'Cheffen wärten eis scho siche kommen. *Sie setzen sech nidder huelen e puer Bengelen a maachen Feier ( Luucht ) un wou së sëch drëm sëtzen.*

| | |
|---|---|
| 2.Scout | Waat hun ëch d'Flemm. Nëttgenuch domat dat dëm Steve sei Ravi de Mëtteg eng eenzegaarteg Sauerei waar, neen, elo musse mer och nach déi latzeg Schmieren iessen déi d'Mamm eis agepaakt huet. |
| 3 Scout | Bleiwt cool. Wa mir hei iwernuechten, da brauche mir eis nett mat der dracheger Kaart do ze ploen. De Carlo a seng Coordonnéen, dat ass dat allerläscht. Kuckt nëmmen wou mer schons geland sinn. Wa mir deem sengen Zuelespiller hei follegen, da lande mir nach an der Wüste Gobi. Neen ,neen, lo gëtt hei mol gemittlech een op verlorener Sohn gemacht, a muer de moien knacke mir de Noutbréif a kommen ganz zerknirscht um Rendez-vous un. |
| | *Vun hannert der Heck nähert de Spock sëch mat sengem tricorder lues a mat Gepieps dem Rucksaak vum Tim.* |
| Tim | Dat hu mir nëmmen dem Jang senge verréckten Iddien ze verdanken. Fir t'éischt Wikinger, dunn Indianer an elo mussen et Ausserirdischer sinn. |
| 3 Scout | Esou ee Brach. Dobei wees all Puppelchen dat et där Nikkien aus dem Weltall keng ginn. |
| | *Si léen sëch nidder a raschten . de Spock mellt no hannen* |
| Spock pëspert | Käpten. D'Signaler kommen aus dem Kand sengem Rucksak. ech froe mëch wat mëcht den Dapp do mat esou eppes brisantes wéi SIEkHCAK ? |
| 2 Scout | An de Claude deen Draibiitz sëtzt elo mat sengem Funkgerät do d'Ufo'en unzefunken. a stéiert nees den internationale Funkverkéier. |
| Tim | An d'Nadine dann ? Aplatz hei mat zu Fouss ze goen flitzt hat nees mat sengem Polo duerch d'Géigend , schlëmmer wéi de Michael Knight mam Kid. |
| 2 Scout | Wéinstens ass d'Liss nëtt derbei, soos géif dat nees mam Beil d'Strëmp freckt haen. |
| 3 Scout | Kanner genéist déi Stëllt an dé Fridden. Kee Josée an der Géigend dat blärt wéi e Waldiesel. |
| Tim | Ei, an elo gëtt emol gemampft. Och wann et alt nëmmen d'Schmieren sinn. |
| | *Hien hëllt seng Schmier aus dem Rucksaak a paakt se lues aus.Iwerdeems probéiert de Spock nach eng Kéier mam Tricorder um Tim sengem Rucksak. E gëtt keen Piepser méih vu sëch.* |
| Spock | Käpten, ën huet de SIEKHCAK aus der Poche geholt... |
| Mc Coy | Et ass bestëmmt am Pak vu senger Schmier. |
| Kirk | Allez, lo ass et Zeit fir anzegreifen. |
| | *Sie sprangen alle 4 hannert der Heck eraus a jeitzen*: |
| Kirk, Spock | Halt, nëtt déi Schmier do iessen... |
| Scout2 | Hei elei, de Käpten Kirk a seng Band. Ma dir sollt dach muer um Sat1 am Fernseh kommen. Waat maacht dir dann elo hei am B¨sch? |
| Tim | An iwerhaapt , waat geht Iech meng Schmier un. ? Ech wärt dach nach duerfen iessen waat d'Mamm mir agepakt huet ouni fir d'éischt bei iech Flucki'en nozefroen. |
| Kirk | Du hues Rescht mei Jong ëntschëlleg eist ongewinnt Optrieden. Mëch schéngt dir jo ze kennen, mais mat wiem hun ëch dann de Plaiséier ? |
| Tim | Ëch sinn den Tim, éischt-Klass Scout beim Grupp hellege Märten vun Duelem, an sou ziemlëch de viirwitzegste Scout vun der Welt, an dat si meng Frënn de...........Scout2 an d'..... Scout3 |
| Scout2+3 | Salut Kirki, moien dir alleguer, sot, emo, op der Telé sidd dir awer ëmmër besser gekämmt a maquilléiert. |
| Uhura | Waat, waat erlaabt sëch dee Schnuddeler. Ech sinn dach wéi ëmmer perfekt gestylt gëll Spocki? |
| Spock | Lt. Uhura, fir hei am Bësch bei de Kaweechelcher ze spazéieren , duerfir geet et vëlleg duer. |
| Tim | Mais da sot dach endlëch emol waat dir hei sicht? Dir sidd dach bestëmmt nëtt aus dem Weltall hei hin komm, fir mëch dervun oofzehaalen meng Schmier ze iessen, oder sténkt se esou zum Himmel dat se iech do uewen gestéiert huet? |
| Spock | Käpten, solle mir wirklech déi Kanner do mat eisem Probleem belaaschten? |
| Kirk | Jo Spock,...... du hues Rescht, ech wees wirlëch nëtt op dat richteg wir. |

Tim Waat heescht hei déi Kanner,.Ech sin dach kee Septi méih. Bei de Scouten sinn ëch scho Patroullecheff an doheem därf ëch fir d'Kiirmes .oder soss e sonnegen Daag och schons en halleft Glas Schampes drénken. Dir gesidd, mat mir muss ee rechnen. An elo raus mat der Spooch, waat gefällt Iech dann u menger Schmier nëtt, soss iessen ëch se zu Botz op an dir gesidd mol keng Grimmel méi dervun.

Scout2+3 Jo a mir si jo schlieslëch och nach do. A mir si villes gewinnt .Wann dir wéist mat waat fir verréckten Iddien eis Cheffen ëmmer nees kommen, déi mir dann ausdrénke mussen.

Kirk Ok , ok, Tim da weis mir mol déi gelunge Schmier do heihin.

*den Tim gëtt dem Kirk d'Schmier, deen hällt se direkt dem Spock virun de Tricorder an deen piepst datt et e Genoss ass.De Spock mëscht de Pak, op a fënnt eng ganz bieder Kachkéisschmier*

Spock Käpten, keen Zweifel, op dem Bouw senger Schmier ass rengsten SIEKHCAK. Et ass nëtt ze gleewen.

Tim Waat soll do drop sinn ? Schnick-Schnack? Dat gleicht menger Mamm nees. Dobei haat ech mir extra Kachkéis fir op d'Schmier bestallt. Mais waat ass dat dann deen Zieps do deen do drop ass? Dat kennen ëch jo guer nëtt. Ass dat eppes neits ?

Kirk Wéi dann, wees du also nëtt waat SIEKHCAK ass ?

Tim Në, nie héieren. Weis mol heihin.

*Hien schnappt sëch seng Schmier nees a kuckt dran*

Tim Ëch mengen dir fuebelt alleguer e bëschen. Sikkhakk? Do ass dach nëmmen onschëllegen gekachtene Kéis drop. An duerfir féiert dir esou eng op.

Spock Nee Tim, daat do ass eng vun den Energiereichste Verbindungen vum ganzen Universum. SIEKHCAK ass nëmmen d'Ofkiirzung vum komplexen mais wëssenschaftlëch korreketen Numm fir **S**upra **I**oniséierten **E**del **K**ristallinen **H**yper **C**entrifugéierten **A**tomaren **K**onzentrat. kurz SIEKHCAK.

Tim Oh freck, schreiw mer dat do mol op. Dat do ka jo kee Mënsch mat normalen Oueren am Kapp behalen.

*Den Tim gëtt dem Spock en Ziedel + Bic, an dee schreiwt drop.Den Tim hëllt den Ziedel liest, an kalennert e bësche ronderem, da seet hien:*

Tim Ah lo gesinn ëch derhannert. Dat do ass jo kale Kaffi mat deem kroopelechen Numm. Vun hannen no viir ze schreiwen ass en uraalen Trick. Dat mache mir och ëmmer mat eise Bréifer fir dat d'Cheffen se nëtt liese kënnen. Wann ëch äre komeschen chinesëschen Numm vun hannen no viir liesen da steeht hei KACHKEIS. A genau dees ass jo och op menger Schmier. Jeje, waat ass dat do da fir eng Raibergeschicht mat deem Siekhak.

*De Spock an de Kirk kucken sëch ganz grouss a verwonnert un.*

Spock Mais Tim an du bass sëcher dass du deen SIEKHCAK, pardon, deen Kachkéis do kenns?

Tim Hei Spitzöhrchen bleiw emol ganz cool. Kuck emol hei:

*hien beist a seng Schmier an ësst mat Genoss e gudde Maufel dervun.*

Spock Faszinéierend. Mir hun nëtt genuch dees Bulli fir eist Raumschëff unzedreiwen, an hei am Bësch verfidderen se de SIEKHCAK mat de Kanner.

Kirk Mais do wou den Tim dat do hir huet do ass des dach sëcher nach ze fannen.?

Tim Waat, Kachkéis, oh Mamm jo. Wéivill häss des da gär ? Mir hun doheem nach e frëscht D¨ppchen voll stoen.

Kirk Ma Tim mir bréichten ongeféier 250kg dees Kachkéis do.

Tim Das dach kee Probleem. Bei der LUXKABE kritt een eng 250kg-Familljepackung fir méi grouss Stéit. Ech kéint Iech där eng bestellen.

Spock Käpten , mir hu jhust nach nëtt driwwer geschwaat , wéi mir de Kachkéis op d'Enterprise brënge sollen.

Mc Coy Ma Spock, mam Beam-Transporter, wéi bal alles wat mir op d'Schëff bréngen.

Spock Eben nëtt. SIEKHCAK kann een nëtt beamen, well et soss zou enger Kettenreaktioun kënnt an de ganze Buttek explodéiert.

Uhura Sou ee Schrott. Elo hu mir endlech e Wee font fir eis dee sténkege Papes do ze beschaafen, an elo kréie mir en nëtt op Orbit bruecht. Et ass fir an e Patt ze faschten,.

Tim Ëch kéint jo emol eise Chef Jang froën. Deen huet a senger Scheier allméiglëch interessant Saachen leien. ëm Stand deen huet eng kleng Rakéit fir iech ze hëllefen.

Kirk Neen, neen, dat ass zevill geféierlëch datt eist Raumschëff dobei beschiedegt gëtt. Ass da soss guer neischt ze maachen ?

Scout2 Tim komm mol hei hin.

*Sie strécken d'Käpp zesummen an tuschelen geheimnissvoll mateneen. Da seet den Tim:*

Tim Dat do ass eng Superiddie. Dat ëch nëtt direkt dodrop komm sinn. Scout2 ( ) huel emol de Kassetterecorder, Käpten, mir ruffen Iech elo mol d'Lëtzebuerger Geheimwaff erbei. Hien ass weltraumtauglëch an e grousse Spezialist a Saachen Kachkéis. Wann een Iech hëllefe kann dann hien.

Kirk Also vu mir aus. Mir hu jo neischt derbei ze verléieren.

*d'Scouten loossen um Cassettenrekorder d'Stëck vum Lidd vum Superjhemp laafen ( wann dir emol an Nout sidd.....) a sangen kräfteg mat* héi, héi héi héi de Superjhemp.*Och d'Enterpriser stëmmen mat an . Um Enn vum Lidd spréngt de Superjhemp vun der Sait op d'Bühn derbei.*

Superjhemp Moie Kanner. Ah du bass et Tim. Waat ass da lass dass dir mëch ëm dës Auer hei an de Bësch bestellt?

Tim Superjhemp. Wéi cool dass du sou séier komm bass. Därf ëch dir mei Frënd de Käpten Kirk a seng Crew viirstellen. Sie hun e Problém mat 250kg Kachkéis déi sie op hirem Raumschëff brauche. Mais sie wëssen nëtt wéi sie en op Orbitt brénge sollen. Häss du do keng Iddie ?

*Den Tim dréckt dem Superjhemp en A zou*

Superjhemp Das kee Probleem. Käpten wou hänkt dann äre Raumkreuzer?

Kirk *verdaddert* Wéi, äh wou , ma hei zimlëch genau iwert eis , mais ongeféier 400 km no uewen.

Superjhemp Ma da kuckt dass dir alt schon emol alleguer doropp kommt. Ëch denken an enger halwer Stonn bei Iech opzekreizen mat engem klenge Cadeau,.

Kirk *nach ëmmer ganz verwonnert* Wann dir mengt Här Jhemp. Scotty , da beam eis emol all nees erop. Kommt dir gär mat Kanner ?

d'Scouten Ouh jo, dat wär cool. Waat wärten eis Kollegen dann awer luussen wa mir dovun erzielen.

*Vun der Sait fänkt un den Damp op d'Bühn ze zéien. Doriwer geet de Rido zou.*

## *4ten Akt*

*De Rido geet op. Mir gesinn erëm d'Kommandobréck vun der Enterprise vum éischten Akt. De Computer blénkt , mais et ass keen op der Bühn. Op eemol kommen vu lénks op d'Bühn, De Kirk, de Spock, d'Lt. Uhura de Scout 2 +3 an den Tim deen sëch direkt sichtbar fir deen neien Entourage interesséiert.*

*Kirk* Ei, et ass e Genoss nees doheem ze sinn. Hei danzt wéinstens alles no menger Paif an ëch kréien waat ëch wëll, nëtt wéi bei deenen lëtzebuergeschen Hottentotten do ënnen.

*Tim* Wow, dat hei ass jo wirklech esou wéi am Fernsehn.

*Spock* Kanner wëllt Dir dann emol D'Erd vun 400 km Distanz kucken. Dat kritt Dir jo soss nëtt aal Dag gebueden ?

*Scout2* Op mengem Papp sengem PC hu mir e Weltraumsimulatiounsspill. Do hunn ëch dat dach schons dacks gesinn.

*Tim* Um PC , dat ass dach total ongeil. Wa mir hei beim Kirki sengem Flitzer op de Balkon ginn, gesinn mir dat life und in Farbe, an et kann der keen de Stecker erauszéien.

*Kirk* Richteg Tim. Mais dat mam Balkon loosse mir besser ënnerwee. Dobaussen ass d'Loft zimlech dënn an et fléien och zevill Stécker vu geplatzte Rakéiten an Astras-satelliten duerch d'Géigend. Mir hun eppes besseres.Spock , maach emol den Ecran op.

*De Spock dréckt op de Knéppchen, de Ecran geet un a weist e Bild vun der Erd aus dem Weltraum.*

*Scout3* Oh freck. Genial. Hei dat geseit jo wiirklech aus wéi op mengem Globus deen ëch fir d'Kommioun geschenkt krut.

*Scout 2* Jhust déi Strëcher déi den héige Wee an de breede Wee um Globus sinn, wéi soen eis Cheffen nach derfir?

*Scout3* Längen- a Breedegraden,

*Scout2* Jo genau déi. Geseis du déi do ënnen ?

*Scout3* Neen, hei elo wou's Du et sees fällt et mir och op. Déi si guer net op der Weltkugel ze gesinn.

*Scout2* Do geseis de awer nees wéi een an der Schoul a bei de Scouten ugeschmiert gëtt, An dann hätten d'Cheffen och nach gär mir sollen eis mat deene Strëcher do op de Kaarten an der Welt erëmfannen! Ma wéi solls de dann. Déi Strëcher do gëtt et jo a Wiirklechkeet guer net.

*Scout3* Kee Wonner wa mir eis mat der Kaart ëmmer verlaafen.

*Tim* Elo hut dir 2 emol Paus. Schalt dach emol de Geescht an éier dir de Mond opditt. Déi Linnen um Globus sinn jo nëmmen geduechte Linnen.

*Scout3* Dann haten se an der Fabrik wou se mein Globus fabrizéiert hun awer fest geduecht. Well op mengem Globus geseit een déi Strëcher jiddefalls méi deitlëch wéi de Méckeschëss.

*Spock* An d'Achs an d'Fixatiounen déi bei dengem Globus dru sinn vir dass Du en opstelle kanns, geseis du déi dann och do baussen?

*Scout 3* Also nëtt sou direkt, ....

Scout2 Ah jo, an de Kabel an de Schalter fir d'Luucht un an -auszeschalten fehlt och do baussen.

*Alles rëssëlt de Kapp. Den Tim dreiwt sëch beim Transporter erëm.*

Kirk Ech mengen elo maache mir d'Fischt Dir nees zou, Et gëtt kaal hei bannen.

*Den Ecran geet aus. Deitlech geseit an héiert een, datt den Tim beim Transporter op e Knéppchen gedréckt huet*

Spock Tim nëtt drécken....

*Den Transporter gëtt aktivéiert, et dämpt a vun der Sait gëtt aus dem Damp eng Persoun era gezunn ( op Roulletten) Et ass d'Queen Elisabeth II a voller Montur, mat Kroun, Zepter, mat engem blénkege Rack a wéissen Händchen. Sie sëtzt op enger gëllëner Toilette mat gëllener oder sametener Spullkëscht an huet d'Times am Grapp. Alles dréi sëch no hir ëm.*

Queen Lisy Ouh shit !

*De Spock spréngt bei den Transporter stéisst den Tim op d'Sait ,a kuckt.*

Scout2 Dat do ass d'englesch Kinnigin d 'Queen Elisabeth, a waat mëscht déi dann hei ?

Queen Lisy Phillip, Phillip help, I think I flipp.

Spock Kee Wonner. De Suchstrahl vum Transporter ass zoufälleg op de Buckingham- Palast zu London agestallt. Duerfir hu mir se lo hei mat dem Tim sengem Gefummels.

Scout3 Oh freck. An déi geet op d'Toilette wéi mir och. A wien hätt dat da geduecht ?

Spock Esou, lo hunn ëch alles prätt fir d'Madame Queen nees heem ze bréngen.

*Et dämpt nees, an an den Damp eran verschwënnt d'Queen vun der Bühn.*

Kirk Mei léiwen Tim. Wanns du hei uewen nach op een eenzege Knépchen drécks dann zéien ëch der d'Oueren sou lang, datt se uewen nach méi spatz zoulaafen wéi dem Mr Spock seng.

Spock Käpten loost meng Oueren aus dem Spill. Froen mir léiwer mol eis Gäscht wéi dat sie mengen, datt dee kostüméierte Géck do ënnen eis deen SIEKHCAK wëllt erop bréngen.

Kirk Maja. Déi Fro hat ëch mir elo an deem ganzen Troublement nach guer nët gestallt. Tim mengs du wirklech äre Frënd do, de Mr Jhempi kriit dat färdeg ?

Tim *houfreg* Kirki. Nenn eisen Nationalheld gefällegst bei sengem richtegen Numm. Dei Mr Jhempi ass fir eis de Superjhemp, woubei dee Prädikat « Super » wiirtlech ze huelen ass.

Spock *kritesch* Dat heescht?

Tim De Superjhemp kann einfach alles waat en gudde Supermann muss kënnen. Hien flitt , hien huet Radaraen hien ass superstaark, hien heescht Jhemp, je e Superjhemp eben.

Kirk Oh neen. Wéi konnt ech dann nëmmen op esou e Kannerkrom erafaalen. Dat war dach bestëmmt een vun äre Scoutskollegen deen do ënnen an deem aafegen Dress am B¨sch

ronderëm leeft.?

Tim *ëntrüst* Also dat do geet ze weit . Elo beschmotzt dir awer meng Scoutséier wann dir hart behaapt ëch hät iech bedrunn. Ech verlangen Satisfactioun. Hei si meng Sekundanten. *( weist op seng Frënn )* Ech erwaarden Iech an 2 Stonnen zum Duell. D'Wiel vun de Waffen loossen ech iech. Mountainbike oder Game-boy?

*Vun hannen rifft de Scotty :*

Scotty Käpten, en onbekannt Flugobjekt ass vu Lëtzebuerg aus ënner Wee bei d'Enterprise. Solle mer et oofschéissen ?

Tim Nëmmen nët. Dat kann nëmmen de Superjhemp sinn. Tja Käpten a waat soe mir dann elo?

Kirk Da maach emol de Schirm un. De komesche Vull gesiit ech emol gär.

*Den Ecran geet un an et geseit een de Superjhemp eng Kéier fléien mat enger 250kg Kachkéikëscht an den Hänn. De Montage gëtt esou gemacht datt hien virum Ecran sëch opriicht d'Këscht an eng Hand héllt an widdert d'Scheiw klappt a wénkt.*

Spock Dat do gëtt et jo nët. Dann hu mir dem Tim a senge Frënn jo tatsächlech Onrecht gedoen. Et ass nett ze gleewen.

Tim Wouropp waart dir dann nach, macht him dach op.

*De Kirk spréngt ganz verdaddert bei de Computer, de Schirm geet aus. et héiert een wéi hien op e Knapp dréckt:*

Kirk Oh neen, lo hun ëch an der Opreegung de falsche Kneppchen gedréckt.

Tim A mir wëllen se hei d'Oueren laang zéien.

*Vun hannert der bühn rifft de Scotty:*

Scotty A wéi een Dabo huet dann elo d'Gepäckboxen vun der Enterprise opgemaacht. Elo sinn all eis Valissen a Pochen am gangen op d'Erd ze reenen.

Spock Oh neen, mei beschte Kostume mat deem ëch bal Mr Galaxy gi waar ass op Orbite geschéckt.

Uhura Ah meng ganz Designerroben vun Dior bis Yves-Saint-Laurent fléien elo do ënnen. A waat din ¨¨ech dann lo un fir an d'Disco wa mir doheem sinn?

Spock Maacht emol de Schirm un da kucke mer eis dee Schlamassel emol un.

*Et geseit een um ecran den Paasage aus dem Otto film wou d'Valissen an d'Waasser an op de strand faalen.*

Kirk Maach dat do aus. Dat ass lo eis kléngste Suerg. Dir kritt vun eiser Assurance ganz bestëmmt äre Krëpéng ersaat.

*Et schellt un der Diir*

Spock Jo loosse mer léiwer de Mr Superjhemp eran dat mir eise Flieger hei nees opgeriicht kréien.

*De Kirk dréckt e Kneppchen, an de Superjhemp kënnt mat senger Kéiskëscht eran.*

Spock Mr Superjhemp mir sinn iwergléckléch iech hei ze hunn. Giit mir déi Këscht am beschten gleich heihinn.

Jhemp POZNENNÖ, Här Spatzouer bass du dann esou stark oder mëchs du nëmmen esou. Déi Këscht hei weit déi Klengegkeet vun 250kg also eng Véierels Tonn. Du geseis mir nëtt esou aus wéi wanns du weit dermat kéims.

Spock 250kg ah merde jo. Ech hat guer nëtt méi do drun geduecht. A waan een iech esou nokuckt , da mengt een et wär nëmmen eng eidel Kartongskëscht.

Kirk bréngt eise Brennstoff am beschten gleich an de Maschinneraum. Da kann de Scotty d'Reakteren betanken , Spock weis du dem Här Jhemp de Wee.

*Sie ginn mat der Këscht oof.*

Kirk Soot Kanner, waat kënne mir ärem Frënd da ginn, fir him Merci ze soen ?

Tim Hien ass eigentlëch nett gewinnt fir seng Déngschter bezuelt ze ginn, dat ass bal wéi wa mir scouten eng B.A. maachen. Do huele mir och nëmmen an Noutwier eppes un dervir.

Kirk Mais dat hei ass dach awer eppes ganz aaneschtes, Ouni hien wees ech nëtt wéi mir hei hätte forkommen kënnen. Waat huet hien dann am léifsten Kanner ?

Scout2 Also am léifsten ësst hien Kachkéisschmieren.

Kirk Mais Kachkéishuet hien jo selwer méi wéi mir, domat kënne mir nëtt déngen.

Tim Hutt dir dann nëtt irgendeng modern Maschinn wou hien d'Kachkéiskëscht, an d'Brout dra mëscht an déi him färdeg Kachkéisseschmieren erausspeitzt ?

Kirk Neen , dorop si mir nëtt geriicht. Mais ëch kënnt him een vun eisen neien Zappiroboteren schenken. Wann de Scotty deen e bëschen ëmprogramméiert, da kann deen och Schmieren maachen.

Scout 3 Tip-Top, dat wier bestëmmt de richtige Cadeau fir de Superjhemp.

*Vun hannert de Kulissen meelt de Scotty:*

Scotty Käpten, ech mellen dat eis Reakteren nees betriebsbereet sinn , Alles ass op maximaler Leeschtung. Mir si prätt fir heem ze fléien.

*De Spock an de Superjhemp kommen nees eran.*

Kirk Da kéim elo nach den traurege Moment fir A¨ddi ze soen.

Superjhemp A fir waat dann traureg? Mir hun dach eppes kennegeléiert, waat eis duerch d'Joerhonnerten verbënnt.

Kirk+Spock Ou a waat ass dat dann?

*De Superjhemp dréckt de Scouten en A zou, vun hannen sétzt Musek an a si sangen zesummen:*

Alle D' Lidd vum gekachtene Kéis

*Zum Schluss vum Lidd geet de Rido zou*